



Freux

Den Dag no eiser Generalversammlung, déi Gëschter Owend den 20. Mäerz zu Lamadelaine op de Weiere stattfonnt huet, si mir zesumme fëschge gaangen, Dat ass eng Traditioun déi mir all Joers op een Neist zelebréieren. Fréier si mir ëmmer fir dësen Dag op Rabais an d'Belsch gefuer mee zanter enger Rei vu Jore fuere mir elo op Freux bei Libramont. De Site vu Freux ass beschdens gëeegent fir esou een Dag ze feieren, hei fënnt Een niewent genuch Plaz fir ze geheien, e schéine Weier dee gutt besat ass mat décke Reebouforelle vir an och deen een oder aneren Hiecht kann een hei fänken. Dernieft och Reimlechkeeten wou mir eiser zweeter Passioun niewent dem Méckefeschen kennen nokommen nämlech Mëttegpaus ze maachen an doranner si mir och richtig gutt. Eise President hat et dann och erëm eng Eier dorausser gemaach fir eis mat Lënsenzopp mat Mettwurst oder war et Mettwurstzopp mat Lënsen ? ze verwinnen, mee egal gutt war se jiddwerfalls an et huet och kee vun eise Fëscher sech genéiert eng zweet oder drëtt Boll sichen ze goen.







Mir hatten et nawell gutt mam Wieder erwëscht ewell pénktlech fir de Fréijoers Ufank war d' Wieder och deementspriechend wat heesche well an der Sonn angeneem an am Schied awer nach frësch. Dat hat natierlech och Auswierkungen op d' Fësch déi nawell zimmlech zickeg waren an et huet och kee vun eise Fëscher esou richtig erausfonnt mat wat Sie ze iwwerleschten wäeren. Wuel an déi eng oder aner Forell gefaange gi mee meeschtens hatten se esou schlecht d' Méck geholl dass se schonn am Drill lassgaange sinn. Och war et net ersiichtlech an ewéi enger Déift d' Fësch géife stoen, zwar war hei an do mol ee Gobage ze gesi mee dat war awer éischer wäit eran esou dass eis Fëscher net an dee Beräich komm sinn. Dernieft konnte mir eis awer och un der schéiner Natur erfreeën, d' Lorblumen hu geblitt an et loung scho Fréijoer an der Luucht wat no deem laange Wanter emmer esou richtig Freed op eis Feschersaison mécht zemools wou et dach elo richtig lass geet an eis Sortië vun ee puer Deeg um Programm sti wou mir fir d' éischt op Coyolles fueren an duerno op de Lac de la Moselotte op Saulxures an d' Vogesen. Mee eis Fëscher hatten awer ee puer schéi Forelle gefaangen an een Hiecht war och

dobäi. Et kann een och net ëmmer d' gelénge vun de Sortien ofhängeg maache un de gefaangene Fësch woubäi mir beim Iesse wären. Ewéi schonn ernimmt hat eise President sech och des Kéier net huele gelooss an hat eis seng wonnerbar Zopp zerwéiert dernieft ass et als Dessert och nach Taarte ginn an duuschtereg ass och kee vum Dësch gaangen.







Mir haten erëm ee flotten Dag bei beschter komerodschaft de Start an eis Saison versprecht jiddwerfalls, hate mir dach schonn zwou schéi Sortien an esou soll et och weidergoen.